

(Interruption)

Et gi vläicht emol Terrainë kaaft, ech gin dat zou. Ech wär frou, wann een dat emol géing erëmfannen a soen, ob déi Politik nët nach weider sollt poursuivéiert gin, ob an deem Sënn nët sollte méi Effore gemaacht gin, well do hu mir effektiv en direkte Rendement fir ons Baueren a fir déi Leit, déi am Gaardebau schaffen.

Diminution du coût de certains moyens de production: wann een de Compte provisoire vum Jor 1996 vergläicht mat dem Budget 1998, da gesäit een, datt do e Minus vu 55 Milliounen steet.

Déi Hëllef, déi do virgesinn as, as geduecht fir d'Elektresch, TVA-Käschten an esou weider matzedroen.

Wann een also elo e Bilan mécht vun deem, wat ech elo gesot hun, da gesäit een, datt dëse Budget 150 Milliounen manner ausgët fir d'Baueren hei am Land.

Ech mengen, dee Betrag vun 150 Milliounen muss een ervirsträichen, an da gesäit een op där aner Säit, datt d'Regierung awer enger Firma, ouni irgendwéi en Intérêt drun ze hun, sauf Gehälter an aner Saachen auszebezuelen, 29 Milliounen ouni Kontroll wëllt zousätzlech zougestoen.

Dofir muss een hei als Konklusioun soen, datt mer begrëissen, datt d'Regierung der Landwirtschaft elo e Betrag vun 29 Milliounen wëllt zoukomme loossen, mä datt mer nët dermat d'accord sin, datt dee Montant un d'Bauerenzentral geet. Fir wat? Well déi Etude d'opportunité économique nët besteet a well keng Kontroll iwwer d'Aart a Weis, wéi déi Suen ausgi gin, besteet.

Dofir schloë mir vir, datt mir dee Betrag, deen elo virgesinn as bei den Amendements budgétaires, solle sträichen op där Positioun, wou en as, fir datt en de Baueren op anere Punkten zegutt kënnt. Dat as ons Proposition.

Amendement 1

L'article amendé N° 19.2.32.010, libellé comme suit :
« Participation de l'Etat à des programmes d'études de méthodes de production » est réduit de 36 à 7 millions.

Le montant ainsi libéré de 29 millions est transféré sur les articles suivants :

- 10 millions sur l'article 33.013.33.00.10.10 libellé comme suit : « Subvention en faveur de la propagande des vins et de la participation de la viticulture luxembourgeoise aux expositions et foires. » ;

- 9 millions sur l'article 34.103.34.50.10.10 libellé comme suit : « Subventions en faveur de la recherche et de l'étude de méthodes de production, de transformation, de conditionnement et de commercialisation de produits agricoles et notamment de produits de qualité. » et

- 10 millions sur l'article 34.106.34.50.10.10 libellé comme suit : « Participation de l'Etat aux frais d'établissement d'un programme sur les produits du terroir par la Chambre d'Agriculture. »

(s.) Jacques-Yves Henckes, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Ech hoffen, dass alleguer d'Riedner vun der Majoritéit, déi bei Geleënheet vun de Budgetsdebatten op d'Tribün komm sin a bedauert hun, dass et schlecht wir, datt e Budget, dee vun der Regierung erakomm as, esou géing erauskommen, wéi d'Regierung en abruecht huet, ouni dass irgendeen Komma dru geännert gët, elo endlech Faarf bekennen, an datt d'Regierung higeeet an déi Amendementer

unhëlt an datt d'Chamber denen Amendementer zoustëmmt.

M. le Président.- Den Här Krecké huet d'Wuert gefrot.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Här President, et sin u sech zwou Saachen, zu denen ech nach eng Kéier kuurz wollt Stellung huelen.

Dat éischt as, dass ech muss festhalen, dass e Budget nun eben e Gesamtpak as vun enger Rei Mesüeren an dass ee sech muss mat deem Gesamtpak d'accord erkläeren, an dass d'Opposition sech am Fong jhust drop limitéiert huet e puer Beispiller ze zitieren, wou ee ka gedeelter Meinung driwwer sin, déi ee kann zum Deel delen, mä wou een awer muss festhalen, dass nët zwéi Wuert erkläert gi sin iwwer eng nei Ausrichtung vun deem Budget.

Et as nët un Hand vun dräi, véier Beispiller, wou een e ganze Budget, dee jo awer nët nëmmen dräi, véier Säiten ëmfaasst, ka verwerfen. Ech weess och nët, ob et bei der Argumentatioun vum Här Bausch esou dréifgräifend as, dass mer nach keen Décompte vum Tunnel vum St Esprit hun, mä ech gesinn nët richteg wéi dat eraspillt an de Budget vun dësem Jor.

Dofir muss ech festhalen, dass och bei der DP d'Presidentin sech am Fong jhust drop limitéiert huet, nodeem dass se eng Zäit gedoktert huet, fir erauszefanne wéi een e schlanke Stat organiséiert, an elo amgaangen as um Niveau vun der Sozialpolitik nei Definitiounen ze bréngen, déi, wéi den Här Lux jo ganz klor ervirgestrach huet, nët eis Meinung sin, an ech huelen un, och nët déi vun eise Koalitionspartner.

Ech stellen also fest, dass et elo wierklech bei den Amendementer, grad wéi bei denen Elementer virdrun, nët zu neien Iddië komm as, zu enger neier Stoussrichtung, an déi ee kënnt goen, ofgesi vläicht vun de Kollege vun der grénger Fraktioun, déi effektiv eenzel Richtungen opweisen, wou ee kënnt soen, do as zumindest eppes ofzuechnen. Mä déi aner zwou Parteien dokteren a pléischtere jhust un e puer Elementer an ameséiere sech mat Beispiller, déi se aus engem Pak erausrappen, wou par ailleurs soss een awer d'Impressioun huet, dass et e Land as, dat funktionnéiert.

Mä fir dass et och an Zukunft nach funktionnéiert, och bei eis an Ënnere vun der Chamber, hat ech sénger Zäit ugekënnegt, dass ech géing am Numm vu ménger Fraktioun zwou Propositione maache wat d'Emännerung vun eise Reglement ubelaangt.

2. Dépôt de deux propositions de modification du Règlement de la Chambre des Députés

Déi éischt konzernéiert d'Aart a Weis, wéi mer d'Organisation vun eisen Débatën an de Kommissiounen organiséieren an haaptsächlech wéi déi Informatiounen, déi mir do kréien, no baussen erauszedroë sin. Esou wéi den Exposé des motifs dat explizéiert, wäert Der gesinn, dass mer esouguer eng Praxis haten, déi nët onbedéngt dem Esprit vun eise Reglement entsprach huet. Dat heescht, dass déi Informatiounen am Fong guer nët esou geheim waren, déi an eise Kommissiounen gehandhabt gi sin. An d'Propositionen, déi ech maachen, lafen u sech drop eraus, dass een an Zukunft soll klorstellen, dass déi Informatiounen kënne vun de Leit erausgedroë gin, dass déi

nët public sin, insofern de Public nët zougelooss as. Mir sin de Moment guer nët équipéiert dofir an ech fannen et och nët sënnvoll, de Public an d'Press an eng Kommissioun erakommen ze loossen, mä dass et, wéi d'Beispill et gewisen huet, souwisou nët méiglech as, do wierklech den Deckel total drop ze halen, dass et och nët noutwendeg as, bei all dene Saachen den Deckel drop ze maachen. Et soll eng gewëssen Transparenz herrschen an et soll klor sin, dass vill Aarbecht op deem Niveau geleescht gët.

Mir waren heiansdo als Majoritéitsdeputéierten, déi sech méi oder wéineger un deem "gentlemen's agreement" gehalen hun, dee seet, dass een nët soll aus de Kommissiounssëtzunge schwätzen, frou, dass anerer driwwer geschwat hun. Esou hu Leit kënne feststellen, dass, wann d'Chamber och éreischt Mëtt Oktober zesumme kënnt, dass se awer scho vun Ufank September u schafft.

Dat brauche mer elo an Zukunft nët ze maachen, esou dass och d'Majoritéitsdeputéierten, wann dat hei géing ugeholl gin, d'Méiglechkeet hätten iwwer déi Diskussiounen, déi an den eenzelne Kommissiounen lafen, och no bausse kënnen ze berichten, et sief dann, à l'unanimité vun alle Memberen, déi present sin, gët de Secret des délibérations deklariéiert.

An dann allerdéngs soll awer och jidderee sech an de Spigel kucken, wann en dann higeet an awer doriwwer dobausse schwätzt. Da gët et och eng Sanction disciplinaire, déi sech areit an déi Sanktiounen, déi nun eben hei virgesi sin an déi um Niveau vum President, bezéiungsweis vun der Commission de Travail hiren Nidderschlag fannen.

Dat also zur Kommissiounsaarbecht.

Zwee Wuert och zur Interpellatioun. Do läit jo schon eng Proposition vum Här Rippinger vir, déi seet, all Interpellatioun misst bannen dräi Méint évacuéiert gin. Dat as ménger Meinung no eng irrealistesche Fuerderung. Éischens bedénkt et heiansdo, dass eng Rei Virarbechte geleescht gin. Zweetens as et esou, dass, wann dat beispillsweis elo an d'Summerperiod géing falen, et bal onméiglech as, dat esou ze cadréieren, dass et och eisem Reglement géing entsprechen. Dofir as méng Proposition déi, dass ee seet, bann sech Méint soll d'Interpellatioun évacuéiert gin. Et soll och fir d'éischt, an dat soll obligatoresch gin, eng Virstellung an eng Diskussioun an der Kommissioun kommen, esou dass och déi aner Leit wësse wat an der Interpellatioun kënnt an dass een och déi aner Membere vun der Kommissioun an d'Lag setzt, sech virzereiden op déi Interpellatioun. An drëtens huele mer am Pong de Pouvoir ewech vun der Regierung, fir ze décidéieren, ob esou eng Interpellatioun kënnt oder nët, déi bis elo d'Méiglechkeet hat eng Interpellatioun ze refuséieren a mir brénge se dohinner wou se higeheiert, nämlech op den Niveau vun der Chamber. Mat deem Mechanismus as dann d'Chamber responsabel an nët méi d'Regierung, wann esou Diskussiounen opkommen, ob een eng Interpellatioun hëlt oder nët.

En tout état de choses bleift och d'Recht vum Deputéierten, deem esou eng Interpellatioun freet a wou d'Chamber selwer der Meinung as, dass dat do nët duergeet fir eng Interpellatioun, zumindest eng Question avec débat hei ze maachen, esou dass en d'Virstellung huet an dass en och nach gegebenenfalls op dem Minister séng Positioun kann äntweren.

Dat sin déi zwou Modifikatiounen, wou ech frou wir, besonnesch well mer eng Resolutioun vun de Kollegen

aus der grénger Partei do leien hun, déi virgesäit, eleng de Problem vun den Interpellatiounen ze kucken, wa se geschwënn zur Diskussioun kéimen.

Et gët u sech déi zwou Méiglechketen, déi ech elo ernimmt hun an et gët drëtens och de Wee vun der "question time" an ech fannen, mir sollen esou schnell wéi méiglech Mëtt Januar zesumme kommen a mir sollen higoen an déi hei Saachen direkt beschwätzen an der Reglementskommissioun. A wa mer eng Enegung fannen, kënne mer méngewege schon an där éischer oder zweeter Sessiounswoch déi Saachen hei stëmmen. Et soll also nët an d'Längt gezu gin, mä et soll ugepasst gin an dee Moment hun ech dann och kee Problem, fir esou ze funktionnéieren, wéi d'Reglement eis et virschreift.

En attendant géif ech soen, bei Ärer Resolutioun - ech kommen nach dorobber zrëck - as zumindest eppes ze änneren.

Ech maachen heimat den Dépôt vun den zwou Modifikatiounen a soen lech merci fir Är Opmierksamkeit:

- *Proposition de modification des articles 82 et 83 du Règlement de la Chambre* - N° 4388;

- *Proposition de modification des articles 21 et 49 du Règlement de la Chambre* - N° 4389.

M. le Président. - D'Chamber hëlt Akt vum Dépôt, duerch de Kolleg Jeannot Krecké, vun zwou Ännerunge vun eisem Chamberreglement. Mir wäerten déi uganks Januar an enger vun eisen éischte Sëtzunge behandelen an och doriwwer ofstëmmen.

3. Projet de loi 4330 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'Etat pour l'exercice 1998 (Suite)

Dir Dammen an Dir Hären. Mir sin um Enn vun eiser Diskussioun iwwer de Budget 1998 ukomm. Mir kommen zur Lecture vun den Artikelen a stëmmen haut de Mëtteg driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi

Den Artikel 1 as gelies.

De Vote iwwer den Artikel 1 gët éreischt zum Schluss gemaacht, wann all déi aner Artikelen ugeholl sin, well den Artikel 1 enthält d'Konklusioun vum Budget selwer.

D'Artikelen 2 bis 44 si gelies an ugeholl.

Mir stëmmen de Mëtteg of iwwer den Artikel 1, iwwer d'Akraafttriede vum Gesetz, dann iwwer den Amendement, deem abruecht gin as, an duerno iwwer d'Motiounen.

Mir fueren elo weider mat eisem Ordre du jour. Als nächste Punkt steet op eiser Dagesuerdnung de Projet de loi 4361 iwwer d'Akommessteuer.

Et hu sech bis elo ageschriwwen déi Häre Biltgen, Grethen, Henckes a Bausch.

D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Jeannot Krecké.

4. Projet de loi 4361 modifiant certaines dispositions de la loi concernant l'impôt sur le revenu, de la loi sur l'évaluation des biens et valeurs et de la loi générale des impôts

Rapport de la Commission des Finances et du Budget